GEMENG
BIEKERECH

N°288 - NOVEMBRE 2026

D'SUEBELMOUK

INFOBLAT VUN DER BIEKERECHER GEMENG - BULLETIN COMMUNAL DE LA COMMUNE DE BECKERICH



NUMÉROS UTILES

GEMENG
BIEKERECH

ADMINISTRATION COMMUNALE DE BECKERICH

6, Dikrecherstrooss • L-8523 Beckerich
Tél. : 26 669-100 • E-mail : info@beckerich.lu
www.beckerich.lu

Les bureaux sont ouverts :
lundi - vendredi de 08h30 à 12h00 et mercredi de 14h15 à 17h45

RÉCEPTION - POPULATION

info@beckerich.lu | T. 26 669-100

NOTHUM Lynn
lynn.nothum@beckerich.lu
T. 26 669-100

ÉTAT CIVIL - POPULATION

BETZEN Viviane
viviane.betzen@beckerich.lu
T. 26 669-105

FACTURATION - POPULATION

BREVER Chantal
chantal.brever@beckerich.lu
T. 26 669-104

SECRÉTARIAT

KELLEN Martine, secrétaire
martine.kellen@beckerich.lu
T. 26 669-102

STOCKREISER-PÜTZ Diane, secrétaire adj.
diane.stockreiser@beckerich.lu
T. 26 669-102

HOFFMANN Philippe
philippe.hoffmann@beckerich.lu
T. 26 669-101

RESSOURCES HUMAINES

LEYDER Corinne
corinne.leyder@beckerich.lu
T. 26 669-106

RECETTE

THILL Natalie, receveur
natalie.thill@beckerich.lu
T. 26 669-130

SERVICE TECHNIQUE

REDING Flore, ingénieur technicien
flore.reding@beckerich.lu
T. 26 669-151

JAEGER Patrick, ingénieur technicien
patrick.jaeger@beckerich.lu
T. 26 669-150

DE OLIVEIRA Rafael, technicien
rafael.deoliveira@beckerich.lu
T. 26 669-152

ATELIER

atelier@beckerich.lu
T. 26 669-220

RENSEIGNEMENTS SALLES

PELLER Luc
luc.peller@beckerich.lu
T. 26 669-222

RÉSEAU DE CHALEUR ET EAU

JACOBY Gilles
gilles.jacoby@beckerich.lu
T. 26 669-202

PERMANENCE ÉCOLES

SCHOLTES Claude
T. 691 721 436

MAISON RELAIS - DILLENDAPP

mrelais@beckerich.lu
BRAUN Olivier Chargé de direction T. 26 669-401
CAILTEUX Cindy Adjointe à la direction T.26 669-402

POMPIERS (CIS BECKERICH)

cisbec@cgdis.lu

HALL SPORTIF

sportshal@beckerich.lu
T. 26 669-300

ASSISTANTE SOCIALE

DIAS Sandra
T. 26 62 10 55-1

GARDE FORESTIER

HOLLERICH Thierry
T. 621 202 184

CENTRE MÉDICAL REDANGE/ATTERT

T. 23 62 42-1

PERMANENCE DÉPANNAGE
T. 26 66 9-200



D'SUEBELMOUK
NOVEMBRE 2026 / N° 288
ISSN 3122-1440

Date butoir édition Décembre 2026 : 18.11.2026

Responsables d'édition : Thierry LAGODA, bourgmestre
Claude LOUTSCH, échevin
Patrick WAMPACH, échevin

suebelmouk@beckerich.lu

INDEX



EDITORIAL P.04

GEMENG KOMMUNIKATIOUNEN P.06

DILLENDAPP & SCHOUL P.19

EMWELT P.20

ALLGEMENG INFO P.22

KULTUR P.29

MANIFESTATIOUNS-KALENNER P.40



d'Suebelmouk Online

EDITORIAL

Léif Kolleegen aus dem Schäffen- a Gemengerot, Här Paschtouer, léif Vertrieder vun den Enrôlés de Force, vun de Kommissiounen an de Veräiner, léif Leit alleguer,

Dëst Joer feiere mir den 80. Anniversaire vun der Journée de commémoration nationale. Zanter 1946 erënnert Lëtzebuerg all Joer un de Courage, d'Resistenz an d'Solidaritéit vun deene Mënschen, déi sech géint d'Nazibesatzung gestallt hunn. Aacht Joerzéngte méi spéit stellt sech eis awer net nëmmen d'Fro, wat mir aus der Geschicht geléiert hunn, mee och, wéi mir hir Lektiounen un déi nächst Generatioune weiderginn.

Dës Fro stellt sech virun allem am Hibléck vun der Unzuel un Zäitzeien, déi Joer fir Joer ëmmer méi kleng gëtt. Erzielungen a Form vu Bicher, Video'en oder Audioopname sinn deemno immens wichteg fir déi vill Geschichten, déi de Krich ervirbruecht huet, ni ze vergiessen.

An enger vu menge virrëschten Rieden um Commemoratiounsdag, hat ech op eng ganz wäertvoll Informatiounsquell higewisen, fir deen de nationale Comité pour la mémoire de la 2e Guerre Mondiale sech verantwortlech weist. Dëst ass den Internetsite cm2gm.lu, wou eng ganz Réi u Publikatiounen a Videoe vun Zäitzeien ze fanne sinn. Och wichteg Anniversairen a Relatioun zum 2. Weltkrich gi reegelméisseg op dësem Internetsite publizéiert.

Interessant ass och d'Rubrik „Pédagogie" um Internetsite, déi et dem Léierpersonal erlaabt d'Thema vum 2. Weltkrich an de Schoulklassen opzebereeden. Virun allem an de méi héije Klasse vum Cycle 4, gëtt d'Thema vum 2. Weltkrich méi verdéift behandelt. Sou war den Edy Grad, President vun der Amicale des Enrôlés de Force Biekerech-Ell-Réiden, d'läscht Schouljoer hei zu Biekerech an der Schoul fir een Temoignage vun de Krichsjore vu sengem Papp ze maachen.

Reegelméisseg sinn awer och eis Cycle-4 Klassen op hirem Ausfluch um Enn vum Joer d'Konzentratiounslager Natzweiler-Struthof an de Vogesen besiche gaangen. Ech selwer ka mech nach gutt drun erënneren, wéi meng Klass mam deemolege Schoulmeeschter, den Här Schartz, dëst KZ kucke gaange war. Et war déi éischte Kéier, datt ech Gaskummere gesinn hunn a Fotoe vu Käip vu Kleeder, déi op déi selwecht Manéier entsuergt goufen, wéi hir Besëtzer. Dat si grujeleg Biller, déi am Kapp hänke bléiwen an et ee Stéckelche méi reell maachen, wat fir schrecklech Doten an de Joer 40 bis 45 verübt goufen.

Och am Atert Lycée Réiden, wou vill vun eise Kanner aus eiser Regioun an d'Schoul ginn, gëtt sech mam Thema vum 2. Weltkrich reegelméisseg ausernee gesat. Zum Beispill huet den 8. an 9. Juni eng 4e Klass aus dem ALR un engem Austauschprojet vum Zentrum fir politesch Bildung matgemaach. Am Kader vun deem Projet si si enger 4. Klasse vum Gymnasium Hermeskeil begéint, fir sech mat hinnen zum Thema Nationalsozialismus, Shoah a Mënscherechter auszetauschen. Dëst sinn Erfarunge fir Jonker, déi mat kengem Geschichtsunterricht an engem Klassesall z'ersetze sinn an déi ee bleiwenden Androck hannerloosse. Och wann et zu hirer Tâche gehéiert, wëll ech d'Engagement vu villen Enseignanten ervirhiewen, déi mat vill Häerzblutt an Energie de Kanner a Jugendlecher erklären, wéi et zum 2. Weltkrich koum ass a wat fir Konsequenzen de Krich fir Generatioune vu Mënsche virun eis mat sech bruecht huet.

Wann et ëm den Erhalt vun der Erënnerung geet, ernimmen ech natierlech och eise wichtegsten Acteur an eiser Regioun zu deem Sujet, nämlech d'Amicale des Enrôlés de Force Biekerech, Ell a Réiden. Mir haten als Gemeng Biekerech scho vill flott Kooperatiounen, wéi déi genannte Visitt am Cycle 4 vum Edy Graf. Och d'Monument hei op der Zwangsrekrutéierteplaz ass op Initiativ vun der Amicale entstanen. D'Entstehungsgeschicht vum Monument kënnt dir noliesen an deem's dir de QR-Code um Monument mat ärem Handy scannt. An och d'Amicale organiséiert reegelméisseg Visitten op wichteg Plazen am Ausland, déi un eis Jongen a Meedercher erënneren, déi ënnert dem Nazi-Regime hiert Liewen hu misse loossen.

Ech hat Ugangs vu menger Ried vum 80. Anniversaire vum Ofhale vum nationale Commemoratiounsdag hei zu Lëtzebuerg geschwat. Abee, et gëtt nach ee weideren Anniversaire, deen et ze feiere gëtt a wou d'Gebuertsdagskand och haut selwer präsent ass. D'Amicale des Enrôlés de Force feiert dëst Joer hiert 60 järeg Bestehen. 60 Joer am Déngscht vun der Erënnerung un den 2. Weltkrich, 60 Joer géint d'Vergiesse vun de Krichsverbrieche vun den Nazie géint d'Lëtzebuerger Vollek a besonnesch géint seng Jugend. Mam Zil eisen, an och de Generatiounen no eis, virun Aen ze halen, wat Haass, Ausgrenzung a Muechtusprécher fir Konsequenze mat sech zéien. Mam Zil, datt dat war viru méi wéi 86 Joer geschitt ass, sech ni méi widderhëlt. Léif Membere vun der Amicale, dir maacht eng éierbar an noutwenneg Aarbecht. Duerfir verdingt dir all fir äert Engagement - fréier, haut an och an Zukunft - eisen déifste Respekt.

Dir Dammen an Hären, zum Schluss vun dëse Feierlechkeete ronderëm de nationale Commemoratiounsdag, wëll ech un eis moralesch Verantwortung un dësem Gedenkdag appelléieren. Eng Verantwortung vis-à-vis vun eis a virun allem eise Kanner a Kandskanner.

An Zäite vun hybriden Ugréffer op Europa an och op Lëtzebuerg, duerch Cyberattacken an Droneflig iwwer europäesch Flughäfen, sti mer als Land virun

neien Erausfuerderungen, déi et ze meeschtere gëllt. D'Zil vun dësen Ugréffer sinn eng Veronsécherung a Spléckung vun eiser Gesellschaft fir eis vu bannen eraus ze schwächen. Falschinformatiounen op de soziale Reseau'en droen hiert dozou bäi. Déi bescht Waff, déi mer dergéint hunn, ass déi, déi an eiser Nationalhymn net ouni Grond ernimmt gëtt. Nämlech de fräie Geescht. An enger ëmmer méi digitaliséierter Welt, gëtt de fräie, jo de kritesche Geescht dat eenzegt Instrument, wat eis bleift fir géint Manipulatiounen an alle Medieforme virzegoen. Kënschtlech Intelligenz mécht et eis dobäi net méi einfach fir tëschent Falsch a Richteg z'ënnerscheeden.

Grad an Zäite vu Walen, gëllt et besonnesch virsichteg ze sinn, wat ee liest oder héiert. Als Orientéierungshëllef solle mer op eis Wäerter vertrauen, déi am Artikel 2 vum Lissaboner Vertrag an an der Charta vun de Grondrechter vun der EU festgehale sinn:

D'Würd vum Mënsch, Perséinlech Fräiheeten, d'Demokratie, d'Gläichstellung tëschent alle Biergerinnen a Bierger virum Gesetz, d'Rechtsstaatlechkeet, an d'Mënscherechter, déi virun Diskriminéierung aller Aart schütze sollen.

Ustrengungen, déi et ausserhalb oder innerhalb vun eisem Land ginn, déi dës Wäerter a Fro stellen oder carrement ënnergruewen, solle mer kritesch begéinen a bekämpfen. Dëst ass net aleng an der Verantwortung vum Staat, mee och an der Verantwortung vun all eenzelne vun eis. 80 Joer duerno huet de Commemoratiounsdag weiderhin seng Daseinsberechtigung a vläit méi wéi jeehier.

D'Generatioune virun eis hunn an de schreckleche Krichsjoren net nëmme fir hiren, mee och fir eise Fridde gekämpft. Un eis gëllt et dës wäertvoll lerfschaft ze fleegen an z'erhalen.

Merci iech all fir d'Kommen a Merci fir d'Nolauschteren.

Ried vum Commemoratiounsdag den 11. Oktober

Thierry LAGODA
Buergermeeschter vun der Gemeng Biekerech









Fotoen: Tania Wampach-Neuhengen

EDITORIAL

Chers collègues du collège échevinal et du conseil communal, Monsieur le Curé, Chers représentants des Enrôlés de Force, des commissions et des associations, Mesdames et Messieurs, Chers concitoyens,

Cette année, nous célébrons le 80e anniversaire de la Journée de commémoration nationale. Depuis 1946, le Luxembourg rend chaque année hommage au courage, à la résistance et à la solidarité de celles et ceux qui se sont opposés à l'occupation nazie. Huit décennies plus tard, nous devons cependant nous poser une double question : qu'avons-nous appris de l'histoire et comment pouvons-nous transmettre ses enseignements aux générations futures ?

Cette question se pose avec d'autant plus d'acuité que le nombre de témoins directs de cette époque diminue d'année en année. Les témoignages conservés sous forme de livres, de vidéos ou d'enregistrements audio sont donc essentiels pour préserver la mémoire des innombrables histoires humaines qui ont marqué cette période de guerre.

*Dans l'un de mes précédents discours à l'occasion de la Journée de commémoration nationale, j'avais attiré l'attention sur une source d'information particulièrement précieuse, mise à disposition par le Comité national pour la mémoire de la Deuxième Guerre mondiale. Il s'agit du site internet **cm2gm.lu**, sur lequel on peut découvrir de nombreuses publications ainsi que des témoignages vidéo de personnes ayant vécu la guerre. Ce site présente également régulièrement les anniversaires et les événements commémoratifs importants liés à la Seconde Guerre mondiale.*

La rubrique « Pédagogie » de ce site mérite également d'être soulignée. Elle met à la disposition du personnel enseignant des ressources permettant d'aborder la Seconde Guerre mondiale en classe. Ce sujet est notamment approfondi dans les classes supérieures du cycle 4 de l'enseignement fondamental. Ainsi, au cours de la dernière année scolaire, Monsieur Edy Grad, président de l'Amicale des Enrôlés de Force de Beckerich, Ell et Redange, est venu à l'école de Beckerich pour partager avec les élèves le témoignage de son père sur les années de guerre.

Par ailleurs, les classes du cycle 4 de notre commune ont régulièrement eu l'occasion de visiter, lors de leur excursion de fin d'année, le camp de concentration de Natzweiler-Struthof, dans les Vosges. Je me souviens moi-même très bien de la visite que nous y avions effectuée avec notre instituteur de l'époque, Monsieur Schartz. C'était la première fois que je voyais des chambres à gaz, ainsi que des photographies montrant des montagnes de vêtements, abandonnés après que leurs propriétaires avaient été exterminés. Ce sont des images terrifiantes, qui restent profondément gravées dans la mémoire. Elles rendent plus concrète, aussi insoutenable soit-elle, la réalité des atrocités commises entre 1940 et 1945.

L'Atert-Lycée de Redange, fréquenté par de nombreux jeunes de notre région, accorde lui aussi une place importante à l'étude de la Seconde Guerre mondiale.

À titre d'exemple, les 8 et 9 juin, une classe de 4e de l'ALR a participé à un projet d'échange organisé par le Zentrum fir politesch Bildung, le Centre pour l'éducation à la citoyenneté. Dans ce cadre, les élèves ont rencontré une classe du Gymnasium de Hermeskeil, en Allemagne, afin d'échanger sur le national-socialisme, la Shoah et les droits humains. De telles expériences sont irremplaçables. Aucun cours d'histoire dispensé dans une salle de classe ne peut entièrement se substituer à ces rencontres et à ces échanges, qui laissent une empreinte durable dans l'esprit des jeunes. Même si cela fait partie de leur mission, je tiens à souligner tout particulièrement l'engagement des nombreux enseignants qui consacrent beaucoup de cœur, d'énergie et de conviction à expliquer aux enfants et aux adolescents les origines de la Seconde Guerre mondiale et les conséquences dramatiques qu'elle a entraînées pour les générations qui nous ont précédés.

Lorsqu'il est question de préserver la mémoire, je me dois naturellement de mentionner également l'acteur le plus important de notre région dans ce domaine : l'Amicale des Enrôlés de Force de Beckerich, Ell et Redange. Notre commune de Beckerich a déjà eu le plaisir de collaborer à de nombreuses reprises avec l'Amicale, notamment à l'occasion de la visite de Monsieur Edy Grad auprès des élèves du cycle 4, que je viens d'évoquer. Le monument qui se trouve ici, sur la place des Enrôlés de Force, a lui aussi été érigé à l'initiative de l'Amicale. Vous pouvez d'ailleurs découvrir l'histoire de sa création en scannant, à l'aide de votre téléphone portable, le code QR apposé sur le monument. L' Amicale organise également régulièrement des visites de lieux de mémoire importants à l'étranger, qui rendent hommage aux jeunes hommes et aux jeunes femmes de notre pays ayant perdu la vie sous le régime nazi.

Au début de mon discours, j'ai évoqué le 80e anniversaire de la Journée de commémoration nationale au Luxembourg. Mais cette année, nous avons un autre anniversaire à célébrer, et l'organisation concernée est aujourd'hui présente parmi nous. L'Amicale des Enrôlés de Force fête cette année ses 60 ans d'existence. Soixante années consacrées à la mémoire de la Seconde Guerre mondiale. Soixante années d'engagement contre l'oubli des crimes commis par les nazis à l'encontre du peuple luxembourgeois, et tout particulièrement de sa jeunesse. Soixante années de travail pour rappeler à notre génération, comme à celles qui nous suivront, les conséquences tragiques auxquelles peuvent conduire la haine, l'exclusion et la soif de pouvoir. Avec un objectif fondamental : faire en sorte

que les événements survenus il y a plus de 86 ans ne se reproduisent jamais. Chers membres de l'Amicale, Vous accomplissez un travail aussi honorable qu'indispensable. Pour votre engagement, hier, aujourd'hui et demain, vous méritez toute notre reconnaissance et notre plus profond respect.

Mesdames et Messieurs, en cette fin de cérémonie consacrée à la Journée de commémoration nationale, je voudrais faire appel à notre responsabilité morale collective. Une responsabilité envers nous-mêmes, mais surtout envers nos enfants et nos petits-enfants.

À une époque où l'Europe, et le Luxembourg avec elle, font face à des attaques hybrides, qu'il s'agisse de cyberattaques ou de survols de drones au-dessus d'aéroports européens, notre pays se trouve confronté à de nouveaux défis qu'il nous appartient de relever. Ces attaques visent à semer l'incertitude et la division au sein de nos sociétés, afin de nous affaiblir de l'intérieur. La désinformation diffusée sur les réseaux sociaux contribue elle aussi à cette déstabilisation. Face à ces menaces, notre meilleure arme est précisément celle qui, et ce n'est pas un hasard, est évoquée dans notre hymne national : l'esprit libre. Dans un monde toujours plus numérisé, la liberté de pensée, et surtout l'esprit critique, deviennent des instruments indispensables pour résister aux manipulations, quelle que soit la forme médiatique qu'elles empruntent. L'intelligence artificielle ne facilite d'ailleurs pas notre tâche lorsqu'il s'agit de distinguer le vrai du faux.

C'est particulièrement en période électorale que nous devons faire preuve de vigilance face aux informations que nous lisons ou entendons. Pour nous orienter, nous devons pouvoir nous appuyer sur les valeurs fondamentales inscrites à l'article 2 du Traité sur l'Union européenne, tel que modifié par le Traité de Lisbonne, ainsi que dans la Charte des droits fondamentaux de l'Union européenne :

La dignité humaine, les libertés individuelles, la démocratie, l'égalité de toutes les citoyennes et de tous les citoyens devant la loi, l'État de droit et les droits humains, qui doivent protéger chacun contre toute forme de discrimination.

Nous devons faire preuve de vigilance et nous opposer résolument à toutes les tentatives, qu'elles viennent de l'extérieur ou de l'intérieur de notre pays, visant à remettre en question, voire à saper ces valeurs fondamentales. Cette responsabilité n'incombe pas uniquement à l'État. Elle appartient aussi à chacune et à chacun d'entre nous.Quatre-vingts ans plus tard, la Journée de commémoration nationale conserve ainsi toute sa raison d'être, peut-être même davantage que jamais.

Durant les terribles années de guerre, les générations qui nous ont précédés ne se sont pas seulement battues pour leur propre paix et leur propre liberté. Elles se sont également battues pour les nôtres. Il nous appartient aujourd'hui de prendre soin de ce précieux héritage, de le préserver et de le transmettre aux générations futures.

Je vous remercie toutes et tous de votre présence et de votre attention.

Discours de la journée commémorative le 12. octobre

Thierry LAGODA
Bourgmestre de la commune de Beckerich



Foto: Tania Wampach-Neuhengen

JOURNÉE CONVIVIALE
UNE BELLE RÉUSSITE

De 4. Oktober hunn d'Kommissioun vum interkulturelle Zesummeliewen, d'Kulturmillen an den Naturpark Atertdall sech zesummegedoen, fir e gemittlechen Dag zu Uewerpallen ze organiséieren.

Dës éischt Editioun war e volle Succès! D'Visiteuren hu sech iwwer d'Optrëtter vun de Museke vu Biekerech an Heeschtert gefreet a konnten déi lecker Spezialitéite vun de Foodtrucken Tarara a Gusto Art souwéi déi séiss Schneekereie vun der asbl « Les enfants du monde » genéissen.

Donieft hate si d'Geleeënheet, en Deel vun der Ausstellung « Haut a Gëschter, Gëschter an Haut » vum Isabelle Bernard a Philippe Malaise (nei) ze entdecken an « La Thiaumont », de lokale Béier vun Diedenuewen, ze schmaachen.

Och fir déi Kleng war beschtens gesuergt! Si konnte sech bei den Animatioune vun der Zirkusschoul vun Arel an de Spiller aus Holz vun de Millespätteren, de Fräiwëllege vun der Seeërei vun der Biekerecher Millen, richteg austoben.

Eng éischt Editioun, déi op ganzer Linn gelongen ass an déi bei allen d'Loscht erwächt huet, dëst flott Erliefnis d'nächst Joer ze widderhuelen!

Le 4 octobre dernier, la Commission Consultative du Vivre-Ensemble et de l'Intégration (CCVEI), l'asbl Kulturmillen et le Parc Naturel de la Vallée de l'Attert ont uni leurs forces pour organiser une journée conviviale à Oberpallen.

Cette première édition a rencontré un franc succès ! Les visiteurs ont eu le plaisir d'écouter les fanfares de Beckerich et de Heinstert, de savourer les spécialités proposées par les foodtrucks Tarara et Gusto Art, ainsi que les douceurs sucrées de l'asbl « Les enfants du monde ».

Ils ont également pu (re)découvrir une partie de l'exposition « Haut a Gëschter, Gëschter an Haut » d'Isabelle Bernard et Philippe Malaise, tout en dégustant « La Thiaumont », la bière locale de Thiaumont.

Les plus jeunes ont, quant à eux, pu se défouler grâce aux animations de l'École du Cirque d'Arlon et aux jeux en bois proposés par les Millespätteren, les bénévoles de la scierie du Moulin de Beckerich.

Une première édition couronnée de succès, qui donne à tous l'envie de renouveler cette belle expérience l'année prochaine !

Photos et texte: CCVEI



NEI BEI DER GEMENG
NOUVELLE COLLABORATRICE

D'**Alexandra Kelleter-Saunier**, Architektin, ass am Oktober bei den techneschen Déngscht vun der Gemeng Biekerech komm, wou si nom Depart vum Maria Candelas hir Aufgaben iwwerholl huet.



Si këmmert sech domat ëm d'Weiderféierung vum europäesche Projet REGEN, un deem Biekerech zesumme mat dräi aneren europäesche Stied deelhëlt: Mailand, Dublin a Laredo.

Am Kader vun dëser Aufgab ënnerstëtzt si d'Gemeng dobäi, d'Biergerbedeelegung ze stäerken, d'Kreeslafwirtschaft ze förderen an d'Aktivitéite vum Projet op lokalem Niveau ëmzesetzen.

D'Zil ass et, d'Roll vu Biekerech als Virreidergemeng am Beräich vun der Nohaltegkeet zu Lëtzebuerg weider ze stäerken an zesumme mat de Biergerinnen a Bierger an de lokalen Acteure konkret Léisunge fir eng nohalteg, ëmweltfrëndlech a sozial inklusiv Zukunft auszeschaffen.

***Alexandra Kelleter-Saunier**, Architecte, a rejoint le service technique de la commune de Beckerich en octobre, où elle a repris les missions de Maria Candelas à la suite de son départ.*

Elle assure ainsi la poursuite du projet européen REGEN, auquel Beckerich participe aux côtés de trois autres villes européennes : Milan, Dublin et Laredo.

Dans le cadre de cette mission, elle accompagne la commune dans le développement de la participation citoyenne, la promotion de l'économie circulaire et la mise en œuvre des activités du projet à l'échelle locale.

L'objectif est de renforcer le rôle de Beckerich comme commune de référence en matière de durabilité au Luxembourg et de co-créer, avec les citoyens et les acteurs locaux, des solutions concrètes pour un avenir durable, respectueux de l'environnement et socialement inclusif.



TREIBJAGDEN – ÜBERSICHT
CHASSES EN BATTUE - DATES À RETENIR

Die Gemeindeverwaltung von Beckerich teilt hiermit die Daten der Drückjagden mit:

- **Auf dem Jagdlos Nr. 286 von Nördingen wird am 04/11/2026 gejagt.**
- **Auf dem Jagdlos Nr. 280 von Oberpallen wird am 21/11/2026 gejagt.**
- **Auf dem Jagdlos Nr. 281 von Levelingen wird am 13/12/2026 gejagt.**

Auszüge aus der Verordnung vom 13 März 2015:

Am Tag der Drückjagd ist der Zugang zum Wald auf eigene Gefahr. Es ist verboten den Ablauf der Jagd absichtlich zu stören.
Die Grenzen der Jagdlose sowie die Daten der Drückjagden können auf geoportail.lu eingesehen werden.

Seien Sie in den kommenden Wochen und Monaten bei Spaziergängen im Wald besonders vorsichtig.

L'Administration communale de Beckerich informe les citoyens des dates des prochaines battues de chasse :

- ***Lot de chasse n° 286 de Noerdange : le 04/11/2026***
- ***Lot de chasse n° 280 d'Oberpallen : le 21/11/2026***
- ***Lot de chasse n° 281 de Levelange : le 13/12/2026***

Extraits du règlement du 13 mars 2015 :

Le jour d'une battue, l'accès à la forêt se fait aux risques et périls de chacun. Il est interdit de perturber intentionnellement le déroulement de la chasse.

Les limites des lots de chasse ainsi que les dates des battues peuvent être consultées sur le site geoportail.lu.

Nous invitons les promeneurs à faire preuve d'une vigilance particulière lors de leurs déplacements en forêt au cours des prochaines semaines et des prochains mois.



WOUSST DIR SCHONN ?
LE SAVIEZ-VOUS

D'SCHOUL VUN UEWERPALLEN AN HIR IWWER 200 JOER LAANG GESCHICHT

En Artikel vun der Biekerecher Kulturkommissioun

L'ÉCOLE D'OBERPALLEN ET SON HISTOIRE DE PLUS DE 200 ANS

Un article de la commission de la culture de Beckerich

Déi éischt Erzielunge vun enger Schoul am Duerfkär vun Uewerpallen ginn op d'Zäit vun der Franséischer Revolutioun zeréck. Genee geholl geet et ëm den 12. Fructidor vum Joer XI vum franséische Revolutiounskalenner, wat no eisem haitege Kalenner dem 30. August 1803 entsprécht.[1]

Aus de Schrëfte geet deemno ervir, datt de Jean Lorent den éischten an zu där Zäit och deen eenzege Gemengeschoulmeeschter zu Pallen war. Hien hat déi grouss Aufgab, sech gläichzäiteg ëm ronn 40 Schüler ze këmmeren. D'Schoulwiese war deemools allerdéngs ganz rudimentär. D'Kanner vu Pallen, Giisch, Leewel an Heckbous hu virun allem d'Rechnen, dat metrescht Mooss- an d'Gewiichtssystem geléiert. Liesen a Schreiwe stoungen zu där Zäit nach net um Léierplang. De Schoulmeeschter gouf deemools gréisstendeels vun den Eltere bezuelt, déi pro Kand 80 Cent hu misse bezuelen.[2] Bei Famillje mat e puer Kanner konnt dëse Betrag séier zu enger bedeitender finanzieller Belaaschtung ginn. Dem Schoulmeeschter selwer huet dat dogéint nëmmen e bescheidene Loun abruecht.



Eng Vue vu Pallen aus den 1950er Joren

Dës Ëmstänn haten zur Folleg, datt vill Schoulmeeschtere keng pädagogesch Ausbildung haten an d'Schoulhalen dacks nëmmen als Nieweverdéngscht ausgeübt gouf. Ausserdeem huet D'Schoul deemools nëmme véier Méint am Joer gedauert, vun Enn Oktober bis Ufank Mäerz. Am Fréijoer an am Summer hunn d'Kanner hiren Eltere bei den Aarbechten um Feld an Aker missen hëllefen. Ënnert dëse Konditioune konnt den Unterrecht deemno net besonnesch effikass sinn.

Wéi Lëtzebuerg 1815 [3] vum Duché zum Grand-Duché ginn ass an ënnert hollännesch Herrschaft vum Kinnek Guillaume I. koum, huet och de Bildungssystem eng wichteg Entwécklung erlieft. Esou huet de Staat d'Gemengen all Joer mat 200 hollännesche Gulden ënnerstëtzt, dat ënnert anerem fir d'Léierpersonal ze

La première mention d'une école à Oberpallen date du 30 août 1803 ou plus exactement du « 12 Fructidor an XI » puisque le Luxembourg était devenu français à cette époque.

Il n'y avait qu'un seul instituteur, un certain Jean Lorent domicilié à Oberpallen, pour s'occuper des 40 élèves qui fréquentaient l'école. Il leur enseignait surtout le calcul, les nouvelles dénominations des poids et mesures et le nouveau système métrique imposés par le régime français. Mais il n'y a aucune trace de l'apprentissage de la lecture ou de l'écriture. Les élèves de cette classe venaient d'Oberpallen mais aussi de Guirsch, Heckbous et Levelange. Ce sont les parents des écoliers qui choisissaient l'instituteur et qui le payaient à raison de 80 centimes par enfant scolarisé, un vrai salaire de misère ! Les instituteurs n'avaient pas besoin d'un diplôme pour exercer leur métier, c'est pourquoi les parents choisissaient souvent des anciens manœuvres ou des journaliers. Normalement l'instituteur devait disposer d'un logement, si ce n'était pas le cas, il devait recevoir une indemnité des parents mais elle était rarement payée.

L'école ne durait que 4 mois par an, de la fin du mois d'octobre au début du mois de mars car, au printemps et en été, les enfants devaient aider leurs parents aux travaux des champs. Les enfants s'empressaient donc d'oublier ce qu'ils avaient appris pendant les 4 mois d'école !

En 1815, le Luxembourg qui était auparavant un Duché est devenu un Grand-Duché et est passé sous l'autorité néerlandaise du roi Guillaume Ier. L'admirable législation scolaire en vigueur aux Pays-Bas va pouvoir être appliquée au Luxembourg. Désormais des mesures efficaces sont prises pour encourager et soutenir l'instruction scolaire : les communes reçoivent 200 florins par an pour payer leurs instituteurs, leur offrir un logement gratuit et un espace convenable pour

[1] Bosseler Nic, 1996: Die Gemeinde Beckerich. Eine Reise durch die Zeit, S. 102
Bosseler Nic, 1996: Die Gemeinde Beckerich. Eine Reise durch die Zeit, S. 102
Mam Wiener Kongress vum 9. Juni 1815 gouf de fréieren Département des Forêts zum Grand-Duché

finanzéieren. Gläichzäiteg goufen d'Schoulmeeschtere besser forméiert, fir iwwer déi néideg pedagogesch Kompetenzen ze verfügen.

Vun deem Zäitpunkt un, hunn och Kanner tëscht 6 an 12 Joer d'Liesen an d'Schreiwen geléiert. De Reliounsunterrecht gouf, wéi deemools üblech, vum Paschtouer assuréiert. No eise Recherchen huet de Jean-George Tonteling, gebuer de 26. Dezember 1782 zu Uewerpallen, am Joer 1817 insgesamt 23 Kanner enseignéiert. Zu där Zäit soll Pallen schonn 217 Awunner gezielt hunn. De Jean-George Tonteling huet warscheinlech bis zur Belscher Revolutioun vun 1830 zu Pallen d'Schoul gehalen. Aus de Recherchë geet weider ervir, datt et zu Uewerpallen deemools schonn eng Gebailechkeet gouf, déi fir den Schoulunterrecht zur Verfügung stoung. Allerdéngs ass haut net méi genee bekannt, ëm wat fir e Gebai et sech dobäi gehandelt huet.[4]

Mat der Onofhängegkeet vu Lëtzebuerg am Joer 1839 gouf Giisch belsch, wärend Uewerpallen a Leewel eng eegestänneg Gemeng gebilt hunn.[5] Ausserdeem gouf de Schoulunterrecht no an no besser gereegelt. E wichtege Schrëtt war d'Gesetz vum 26. Juli 1843 iwwert de Primärschoul Unterrecht. Dëst Gesetz huet ënner anerem virgesinn, datt all Gemeng eng Schoul zur Verfügung stelle misst, datt d'Schoulmeeschteren diploméiert misste sinn an datt hinnen eng Déngschtwunneng zoustoe sollt. Fir eng kleng Gemeng war d'Ëmsetzung vun dëse Bestëmmungen allerdéngs net einfach. Esou gëtt erzielt, datt de Schoulmeeschter vun Pallen beim Schäffe vun der Gemeng Michel Weicker ënnerbruecht gouf oder op der Grubermillen, déi deemools vum Michel Grein gefouert gouf. Och wann de Schoulunterrecht zum Deel vun der ëffentlecher Hand finanzéiert gouf, blouf d'Pai vum Schoulmeeschter bescheiden. Aus deem Grond huet hien dacks gläichzäiteg d'Funktioun vum Gemengesekretär oder vum Gemengereceveur ausgeübt. Weideren Erkenntnisser no muss sech d'Schoul ëm 1846 am Tontelerwee befonnt hunn. Um éischte Stack vum Gebai soll dann och eng Wunneng fir d'Léierpersonal gewiescht sinn.[7] 1902 léisst sech d'Existenz vun dësem Schoulgebai bestätegen. De Charles Bivort, deen als erfollegräichen Entrepreneur zu Paräis gewierkt huet, a wuel och selwer zu Pallen an d'Schoul gaange war, huet a sengem Buch „Mon Village" eng Zeechnung [8] vun dëser Schoul veréffentlecht. Mat grousser Warscheinlechkeet handelt et sech dobäi ëm dat fréiert Gebai vun der Molkerei, dat 1972 ofgerappt gouf. Haut steet op dëser ëffentlecher Plaz e prächtegen Nëssert.

enseigner. Les instituteurs doivent être instruits dans des écoles spécialisées.

En 1817, l'école d'Oberpallen, située dans une maison particulière, est tenue par l'instituteur Georges Tonteling. Né à Oberpallen le 26 décembre 1782, il enseignera à Oberpallen jusqu'à la révolution belge de 1830. En 1825, 22 garçons et 6 filles âgés entre 6 et 12 ans fréquentent l'école où les enfants apprennent à lire, écrire et calculer. A partir de 1829, Oberpallen possède un bâtiment utilisé uniquement pour l'école mais on ignore son emplacement.

La révolution belge bouleverse cette organisation efficace. Avec l'indépendance du Luxembourg en 1839, Guirsch est devenue belge, tandis qu'Oberpallen et Levelange ont formé une commune indépendante. Par ailleurs, l'enseignement scolaire a progressivement été mieux réglementé. Des nouvelles lois sur l'instruction sont promulguées : les instituteurs doivent être diplômés et ils devront normalement être logés dans un logement de service mais ce ne sera pas toujours le cas. Ainsi, il est raconté qu' à Oberpallen, ils étaient souvent logés chez l'échevin du village, Michel Weicker ou chez le meunier de la Grubermühle, Michel Grein. Leur salaire est vraiment très bas ce qui les obligeront à accepter d'autres tâches comme sacristain, chantre, organiste, receveur ou secrétaire communal pour augmenter leurs revenus.

A partir de 1846, un bâtiment communal situé au chemin de Tontelange (aujourd'hui « Tontelerwee ») devient la nouvelle école. L'instituteur y logera au 1er étage. Le nombre d'enfants varie entre 15 et 38. L'année scolaire dure 11 mois, du 1er octobre au 31 août. Les élèves ont congé le jeudi après-midi et reçoivent 6 heures de cours par jour. La distribution des prix a lieu chaque année le 31 août.

A partir des années 1858, un jeune garçon du nom de Charles Bivort est écolier à Oberpallen. Il deviendra un important chef d'entreprise à Paris et écrira le livre « Mon village » où il raconte ses années d'enfance et d'adolescence à Oberpallen. Par ailleurs, dans son livre « Mon Village », publié en 1902, il confirme, à l'aide d'une esquisse, que l'ancienne école d'Oberpallen devait se trouver au Tontelerwee. Il s'agissait certainement de l'ancienne laiterie. Le bâtiment a été démoli en 1972. Aujourd'hui, un majestueux noyer se dresse à cet emplacement.



D'Plaz, wou dat fréiert Schoulgebai am Tontelerwee stoung.

[4] Brochure: D'Schoul vun Uewerpallen (A–Z)", déi am Kader vun der Aweiung vun der Schoul 1995 am Optrag vun der Gemeng gedréckt gouf, S.11
[5] Duerch d'Gemengegesetz vum 25. Juli 1846 gouf d'Gemeng Uewerpallen opgeléist an un d'Gemeng Biekerech ugeschloss
[6] ERPELDING, E., Die Mühlen des Luxemburger Landes, Luxembourg, 1981, S. 263
[7] Dës Inform. geet aus enger Approbatioun vum 1. August 1872 fir d'Konstruktioun vun engem Logement fir d'Léierpersonal ervir (Archives nat., GDL, Liasse H1024).
[8] Bivort Charles : Mon Village, 1902, S.88

Mat dëse verbesserten infrastrukturelle Bedéngungen huet d'Schouljoer deemools 11 Méint gedauert, an zwar vum 1. Oktober bis den 31. August. Donneschdes mëttes war fräi, wärend déi reschtlech Deeg de ganzen Dag Schoul war, mat insgesamt sechs Stonnen Unterrecht den Dag. De Schoulunterrecht huet domat däitlech u Qualitéit gewonnen. Nieft Däitsch a Franséisch goufen elo och Geschicht a Geographie enseignéiert.[9]



Eng Skizz vum Charles Bivort vum fréiere Schoulgebai am Tontelerwee

Grâce à l'amélioration des infrastructures, les conditions d'enseignement ont connu une nette évolution. À cette époque, l'année scolaire s'étendait sur onze mois, du 1er octobre au 31 août. Les élèves avaient classe six heures par jour, avec toutefois une pause le jeudi après-midi. Ces nouvelles conditions ont contribué à améliorer sensiblement la qualité de l'enseignement. Le programme scolaire s'est également enrichi de nouvelles matières : à l'allemand et au français sont venues s'ajouter l'histoire et la géographie.

Aus dem Eugène Medinger[10] sengen Schréften geet dann och ervir dat d'Pallen schonns 1874 seng éischt Joffer[11] /Léierin hat. Dobäi huet et sech ëm d'Suzanne Kauffmann[12] gehandelt.

Il ressort également des écrits d'Eugène Medinger qu'en 1874 Oberpallen accueillera sa première institutrice, Suzanne Kauffmann.

Déi allgemeng Schoulflicht gouf zu Lëtzebuerg den 4 Mee 1881 agefouert. [13]

En 1881, l'obligation scolaire a été instaurée au Luxembourg.

1884 bis 1918 huet den Théodore Grosch zu Pallen Schoul gehalen. Wärend deene Jore muss d'Schoul aus dem Tontelerwee an dat fonkelneit Schoulgebai am Kierchewee geplënnert sinn. Den Eugène Medinger huet festgehalen, datt de Bau vun der neier Schoul ëm 1902 ofgeschloss gewiescht muss sinn.



Foto vun der Schoul am Kierchewee, ëm 1947.

De 1884 à 1918, c'est Théodore Grosch qui est l'instituteur à Oberpallen. C'est au cours de ces années que l'école a probablement quitté le Tontelerwee pour s'installer dans le tout nouveau bâtiment scolaire situé au Kierchewee. Eugène Medinger indique que la construction de la nouvelle école devait être achevée vers 1902.

Ëm d'Joerhonnertwenn goufen dann och all Joer Klassefotoe gemaach. Dës wäertvoll Dokumentatioun läit der Gemeng haut zum deel nach vir a vermëttelt en Androck dovun, wéi grouss d'Erausfuerderunge fir d'Léierpersonal zu där Zäit musse gewiescht sinn. Net nëmmen d'Gréisst vun de Klassen, mee och déi ënnerschiddlech Altersgruppe vun de Kanner hunn den Unterrecht geprägt.

Avec ce nouveau bâtiment, les élèves ont également bénéficié d'une cour de récréation qui leur permettait de passer les pauses à l'extérieur, de se déplacer librement et de pratiquer des activités physiques.

La tradition voulait qu'un photographe vienne chaque année prendre le portrait de l'instituteur accompagné de ses élèves. Ces photos sont des documents au-



Schouljoer 1920 mam Schoulmeeschter Frédéric STAUDT mat de Joergäng 1908-1914



Schouljoer 1915 mam Schoulmeeschter Théodore GROSCH

[9] Brochure: D'Schoul vun Uewerpallen (A–Z)", déi am Kader vun der Aweiung vun der Schoul 1995 am Optrag vun der Gemeng gedréckt gouf, S.11
[10] Paschtoure zu Uewerpallen vun 1911 bis 1921 | [11] Laut LOD.lu gouf bis 1839 gouf vun de Léierinnen zu Lëtzebuerg erwaart, datt se géifen ophale mat schaffen, wa se bestuet goufen. Eng Léierin war also bis dohin am Prinzip eng Jonggesellin. Dofir ass de Begréff „Joffer" am Laf vun der Zäit zu engem Synonym fir „Léierin" ginn. Och haut nach ass dëse Begréff wäit verbreet, wa rieds geet vun enger Enseignante am Fondamental.
[12] De Paschtouer Medinger schreift, datt d'Kauffmann Susanna, gebuer 1847 zu Recken, vun 1872 bis 1874 Léierin zu Uewerpallen war an duerno soll ausgewandert sinn
[13] D'Gesetz vum 20. Abrëll 1881 iwwer den obligatoreschen Unterricht



Androck aus dem Schoulsall an den 1950er Joren



Schouljoer 1954 mam Schoulmeeschter Henri LOSCH

Nom Théodore Grosch hunn de Frédéric Staudt bis 1945 an duerno de Jean Nierenhausen bis 1954 zu Pallen Schoul gehalen. Wéi seng Virgänger huet och hien Ausflich op Veianen, Beefort oder Dinant organiséiert.

Eng Perséinlechkeet, déi ville Leit nach e Begréff dierft sinn, ass den Auteur a Schauspiller Henri Losch. Hien huet vun 1954 bis 1958 zu Pallen als Schoulmeeschter gewierkt. 2017 hat d'Kulturmillen a.s.b.l. hien an d'Schoul vun Uewerpallen invitéiert, fir säin neit Buch ze signéieren. Bei dëser Geleeënheet konnten déi fréier Schülerinnen a Schüler hire Schoulmeeschter no ville Joren erëmgesinn.

Eng Entwécklung, déi haut kaum nach virstellbar ass, gouf 1970 Realitéit: Wéinst dem Mangel u Schoulkanner huet d'Schoul zu Pallen hir Dieren missen zoumaachen.

jourd'hui très précieux, dont certains sont conservés par la commune. Elles nous permettent de voir le nombre parfois impressionnant d'élèves de tous les niveaux que l'instituteur devait gérer et le soin apporté par les parents dans le choix de la tenue de leurs enfants pour la photo-souvenir.

De 1919 à 1945, Frédéric Staudt enseigne à Oberpallen. Il vivra les pénibles années de guerre. Il sera remplacé en 1945 par Jean Nierenhausen qui, comme ses successeurs, organiseront des excursions avec leurs élèves à Vianden, Dinant ou Arlon au Musée gallo-romain.

Impossible de ne pas citer Henri Losch qui enseigna à Oberpallen de 1954 à 1959. Devenu un écrivain très connu au Luxembourg, ses livres racontent ses souvenirs d'enseignant. En 2017, l'asbl Kulturmillen l'avait invité dans l'école d'Oberpallen pour dédicacer son nouveau livre. Un très beau moment de partage entre un instituteur et ses ancien(ne)s élèves !



Dat haitegt Schoulgebai

Eréischt 1991 koum nees Beweegung an d'Saach. Ënnert dem Buergermeeschter Camille Gira gouf d'Schoulgebai komplett an op eng ëmweltfrëndlech Aart a Weis renovéiert.

D'Awunner vu Pallen goufen dobäi enk an d'Planung vun hirer neier Schoul agebonnen. Am Mëttelpunkt stoung net nëmmen d'Schoulgebai selwer, mee och d'Zil, d'Pädagogik an dat interkulturellt Zesummeliewen ze stäerken. Mat der Reouverture vun der Schoul am September 1994 krut Pallen och säin eegene Festsall. Haut besteet dësen allerdéngs net méi, d'Raimlechkeete goufen am Laf vun der Zäit an e Klassesall ëmgewandelt.



D'Schoul no der Reouverture, Schouljoer 1995 mam Schoulmeeschter Claude Mathieu.

Och wann dësen Artikel nëmmen e Brochdeel dovun erëmgi kann, ass d'Geschicht vun der Schoul zu Uewerpallen räich mat Anekdoten an Erënnerungen, déi et derwäert sinn, erzielt ze ginn. Fir méi déif an dës Geschicht anzedauchen, ass d'Brochure „D'Schoul vun Uewerpallen (A–Z)", déi 1995 am Kader vun der Aweiung vun der Schoul am Optrag vun der Gemeng gedréckt gouf, besonnesch ze recommandéieren.[14]

Mat der Ouverture vum neie Schoulcampus zu Biekerech gëtt en neit Kapitel am Schoulwiese vun der Gemeng Biekerech opgeschloen. Wat d'Zukunft fir dat aalt Schoulgebai zu Uewerpallen brëngt, bleift ofzewaarden.

Eent ass allerdéngs sécher: Dat lescht Kapitel vu senger Geschicht ass nach net geschriwwen.

De 1970 à 1991, l'école ferme ses portes à cause du nombre insuffisant d'enfants au village. Mais lors de la réouverture de l'école en 1991, la Commune, sous l'égide de son maire Camille Gira, décida de rénover ce bâtiment dans lequel respect de l'environnement (utilisation de matériaux entièrement écologiques de la cave au grenier), idéal pédagogique et intégration culturelle étaient vraiment au centre des préoccupations. Avec la réouverture de l'école en septembre 1994, Oberpallen s'est également doté de sa propre salle des fêtes. Celle-ci n'existe toutefois plus aujourd'hui, les locaux ayant été transformés au fil du temps en salle de classe.

Même si cet article ne peut retracer qu'une partie de son histoire, l'école d'Oberpallen n'en demeure pas moins riche de souvenirs et d'anecdotes qui méritent d'être racontés. Pour en découvrir davantage, la brochure « D'Schoul vun Uewerpallen (A–Z) », publiée en 1995 à l'occasion de l'inauguration de l'école et à l'initiative de la commune, constitue une précieuse source d'information.

L'ouverture prochaine du nouveau campus scolaire à Beckerich marquera le début d'un nouveau chapitre dans l'histoire scolaire de la commune. Quant à l'avenir de l'ancienne école d'Oberpallen, il reste encore à définir.

Une chose est toutefois certaine : l'histoire de l'ancienne école d'Oberpallen continue de s'écrire.

Bie Kultur-Kommissioun Kerech

[14] Follgend Publikatiounen sinn och nach ze recommandéieren:
BERNARD I., L'école au village : l'exemple d'Oberpallen, an: Hémecht, 1997, Nr. 4, S. 523-561.
BERNARD I. a MALAISE Ph., Haut a gëschter. D'Dierfer vu Biekerech: Oberpallen – Levelange, Beckerich, 2023, S. 24-25.

EIS GEMENG, EIS GESCHICHTEN AN TRADITIOUNEN
NOTRE COMMUNE, NOS HISTOIRES, NOS TRADITIONS

Bie Kultur-kommissioun Kerech

Hutt Dir Fotoen, Postkaarten, Anekdoten, Dokumenter oder aner Geschichten iwwer z. B. bekannte Perséinlechkeeten aus der Gemeng?

Mir sammelen, archivéieren a bereeden alles esou op, datt mir eisen lokalen Patrimoine méi breet deele an eise Biergerinnen a Bierger aus der Gemeng méi no bréngen kënnen. Och wann eis Gesellschaft an Traditiounen stänneg am Wandel sinn, verdéngen déi erliewten Geschichten, erzielt an iwwerliwwert ze ginn.

Wanns du dech doriwwer eraus gären aktiv abréngs, deng Iddien deele wëlls an un spannende gemeinsame Projeten an Aktivitéiten (wéi z. B. d'Organisatioun vu Quizowender, Liesowender, Theateropféierungen oder anere flotten Eventer an Zesummenaarbecht mat der Kulturmillen a.s.b.l.) matschaffe wëlls, da bass du natierlech och ganz häerzlech wëllkomm Member an der Kulturkommissioun Biekerech zegin.

Falls dat dech uschwätzt an du dat Erlieften, Dokumentatioun oder däin Engagement mat eis deele wëlls, da mell dech einfach ënnert kulturkommission@beckeriech.lu oder ganz informell bei engem vun eise Memberen.

Vous possédez des photos, des cartes postales, des anecdotes, des documents ou d'autres récits, par exemple sur des personnalités connues de la commune ?

Nous collectons, archivons et mettons en valeur tous ces témoignages afin de mieux partager notre patrimoine local et de le rendre plus vivant pour nos concitoyennes et concitoyens. Même si notre société et nos traditions évoluent sans cesse, les histoires vécues méritent d'être racontées et transmises.

Si vous souhaitez vous impliquer activement, partager vos idées ou participer à des projets et activités (comme par exemple l'organisation, en collaboration avec la Kulturmillen a.s.b.l., de soirées quiz, de soirées de lecture, de représentations théâtrales ainsi que de diverses autres manifestations culturelles) passionnants, vous êtes bien sûr chaleureusement invité(e) à rejoindre la Commission culturelle de Beckerich.

*Si cela vous inspire et que vous souhaitez partager vos souvenirs, documents ou votre engagement avec nous, n'hésitez pas à nous contacter à l'adresse suivante : **kulturkommission@beckeriech.lu**, ou simplement à vous adresser à l'un(e) de nos membres de manière informelle.*

Klein Laurent, président	Didier Lucien	Neu Sarita
Wauthij Mika, secrétaire	Everling Benjamin	Schweicher Nicolas
Bernard-Lesceux Isabelle	Meis Freddy	







* Fannt alleguer d'Artikelen vun der Kulturkommissioun um Site vun der Gemeng Biekerech :
https://www.beckerich.lu/fr/articles-de-la-commission-de-la-culture

GEDENKTAFEL FIR ONS ZWANGSREKRUTÉIERT



D'Amicale des Enrôlés de Force, Sektioun Biekerech, Ell , Réiden gouf am Abrëll 1966 an d´Liewe geruff vun eemolegen Zwangsrekrutéierten an Eltere vun deenen Zwangsrekrutéierten déi fir d'Heemecht gefall sinn oder nach vermësst goufen. D'Amicale krut hiren Haaptsëtz an der Kantonalstad zu Réiden a gouf och do als asbl enregistréiert.

Hir Memberen hunn sech agesat widder d'Vergiessen, fir d'Undenken un hir Gefalen an nach vermësste Komeroden héich ze halen, an allen Enrôlés de Force hir moralesch a materiell Interêten ze vertrieden.

Wei sécher an de meeschte Sektioune sinn awer am Laf vun der Zäit d'Zäitzeien déi an de Comitéen täteg waren ëmmer mei rar ginn , déi eng konnten duerch Krankheet nitt mei dobäi sinn an anerer si leider verstuerwen, esou dass d'Aktivitéiten sech nach just op e Minimum begrenzt hunn.



Zu Bieckerich am Festsall op der Millen sinn am Abrëll 2009 an der ordinärer Generalversammlung d'Statute vun der Amicale ugepasst ginn , esou dass de Comité nitt mei exklusiv aus Zwangsrekrutéierte muss stamen. Dëst huet eis dunn erlaabt de Comité nach an där Generalversammlung mat 6 néie Memberen ze verstäerken an zwar mat Zäitzeien aus der zweeter Generatioun.

Enner dem Impuls vum néie Comité sinn direkt verschidden néi Projet'en ausgeschafft ginn an och nach am Joer 2009 hu mer et verdigbruecht d'Memberszuel ze verfënneffachen. Mir hunn eis mat engem néie Logo eng néi Identitéit ginn, an zum Ziel gesat dat virunzeféieren wat eis Elteren ugefaangen hunn.

Eise gréisste Projet die mer ugepaakt hunn, ass an eisen 3 Gemenge vun der Sektioun eng Plaz vun den Zwangsrekrutéierten ze kreéieren, eng Platz wou en Denkmal oder Mahnmal un de Crime vun der Zwangsrekrutéierung erënnert, eng Platz wou eis Nofolgergeneratiounen sech wäerten verneigen a sech zur Erënnerung versammelen, fir dass dat wat deemools geschitt wor, sech ni widderhuele wäert.





Hei sin dann och Tafelen ubruecht ginn mat de Nimm vun diéne Léit aus der jeeweileger Gemeng déi vum enrôlement forcé betraff waren.

Des Weideren hu mer Reesen organiséiert an d'Normandie fir den 80-jährigen Anniversaire vum D-Day, op Buchenwald a Weimar an elo an den Elsass op Natzwiller fir d'KZ Struthof ze besichen. Onse Bus wor ëmmer schnell gefëllt wat ons weist dass och haut d'Leit drun interesséiert sinn fir op déi Erennerungsstätten ze goen.

Last but not least si mer awer och ganz aktiv ginn an onse Schoulen, fir eis Jugend opzeklären iwwer dat wat 40-45 hei mat de Lëtzebuerger geschitt ass, well de Geschichtsunterricht an der Schoul sech leider nach ëmmer mei mam Mëttelalter beschäftegt, wei mat deem wat Zwangsrekrutéierung fir Lëtzebuerg bedeit huet an dat wat eis Elteren a Grousselteren am 2ten Weltkrich hu missen erleiden. An de Schoule Biekerech an Ell esou wei op der Musel an der Gemeng Wuermer wor ech jeeweils fir e puer Stonne mat Kanner aus dem Cycle 4 zesumme fir mat hinnen iwwer den 2ten Weltkrich an d'Zwangsrekrutéierung vun der lëtzebueger Jugend ze schwätzen.

Natierlech huele mer och un alle regionale wei nationale Gedenkfeieren deel , mee d'Jugendopklärung schéngt ons de Moment déi wichtegst Aufgab vun eiser Amicale.

Edy Graf
President
Amicale des Enrôlés de Force – Biekerech, Ell, Réiden

Biekerech
Ell
Réiden
Enrôlés de Force

85. GEBUERTSDAG FIR D'MADAME ROSARIA POEIRA DE OLIVEIRA

Bieckerech: Mat enger Coupe vu schéinen Orchideen a gudde petits- fours war de Buergermeeschter Thierry Lagoda mat sengem Schëffen Claude Loutsch viru kuurzem bei d'Rosaria de Oliveira komm, fir der Jubilarin am Numm vun der Gemeng Bieckerech zum 85. Gebuertsdag häerzlich ze gratuléieren. D'Gebuertdagskand Rosaria ass den 25. August 1941 als dat zweeteelst vu 4 Kanner a Portugal op d'Welt komm. Hier Elteren waren den Francisco an d'Deolinda Laureiro. Am Juli 1958 huet d'Rosaria sech mam Antonio Mano Poeira a Portugal bestued.E Jong an dräi Meedercher sin aus hirem Bestiednis erviergaangen. Leider ass dem Rosaria hire léiwe Mann den 22. Juni 2016 verstuerwen. Zënter dem Joer 2017 liewt d'Jubilarin bei hirer Famill zu Bieckerech wou si och sech wuelfillt an och gut versuergt gëtt. Zesummen ass mat der Famill d'Glas erhuewe gin an op weider zefridden a gesond Joeren geprost gin.



Text a Foto: Charles Reiser

GROUSSEN ERFOLLEG FIR D'JUGEND VUM CIS BIEKERECH

Den 3. Oktober 2026 huet eis Jugend vum CIS Biekerech mat groussem Erfolleg um Pompjeescross zu Mäerzeg deelgeholl.

Dank hire staarken Eenzelresultater konnt eis Jugend sech am Generalklassement déi 1. Plaz sécheren an domat d'Coupe Stracks (Wanderpokal) als beschte Jugend-CIS vu Lëtzebuerg mat heem huelen. E grandioost Resultat, besonnesch bei iwwer 150 LeeferInnen.



Hei déi individuell Leeschtunge vun eise Jonke:

Misael – Gold bei de Minimes Häre

Marie – Gold bei de Pupilles I Dammen

Yann – Sëlwer bei de Pupilles I Häre

Louis – Sëlwer bei de Pupilles II Häre

Adrien – Sëlwer bei de Junioren

Och de Léo, de Fynn an d'Lora waren um Start a hunn zu deem gudde Resultat bäigedroen.

Mir als CIS Biekerech sinn immens houfreg op eis Jugend an op des super Leeschtung!

E grousse Merci un all eis jonk Leeferinnen a Leefer fir hiren Asaz an hir Participatioun, a ganz häerzlech Gratulatioun zu dësem flotte Succès.

Weider esou, mir si stolz op iech!

Text a Foto: CIS Biekerech

DE KLEESCHE KËNNT



Léif Elteren, léif Kanner,

De Kleesche kënnt e Freiden **de 4. Dezember** an d'Schoul.

Den Detail zu dem Kleesche sengem Tour an der Schoul bei de Kanner vum Zykel 1 bis 4 kritt Dir nach vun eisem Léierpersonal matgedeelt.

D'Niklosfeier fir di ganz kleng Butzen, déi nach net an d'Schoul ginn, ass de selwechten Dag um 16h00 zu lelwen am Centre Culturel.

D'Animatioun gëtt dëst Joer vun de Kanner aus dem Zykel 3 iwwerholl.

Chers parents, chers enfants,

Saint Nicolas viendra à l'école ***le vendredi 4 décembre.***

Les détails concernant sa visite auprès des enfants des cycles 1 à 4 vous seront communiqués ultérieurement par le personnel enseignant.

La fête de la Saint-Nicolas pour les tout-petits qui ne sont pas encore scolarisés aura lieu le même jour, à 16h00, au Centre Culturel à Elvange.

Cette année, l'animation sera assurée par les enfants du cycle 3.

SCHOUL BIEKERECH

GEMENG BIEKERECH













natur&ëmwelt
Kanton Réiden

Heimat invitéiere mir Iech ganz häerzlech op eise Virtrag

E Flair vum héijen Norden - d'Natur a Vullewelt vu Skandinavien

den Donneschteg, 12. November um 19 Auer zu Kaalmes an der Aler Molkerei (7 um Waeschbur).

Déi nordesch Länner hunn net nëmme spektakulär Landschaften, mee och eng Déieren- a Vullewelt déi op déi haart Bedingungen ugepasst ass. A sengem Virtrag weist eis den Hobbyfotograf Fernand Schoos en Deel vun de Biller, déi hien op ville Reesen an Norwegen, Schweden a Finnland gemaach huet a geet och drop an wat fir eng skandinavesch Vullenaarten elo am Hierscht bei eis optauchen.

De Virtrag ass op Lëtzebuergesch an den Entrée ass frei. Nom Virtrag offréiere mir e Patt.


Wëllplanzesom®
Lëtzebuerg
Hier geht's zur Webseite
Geseemsmëschungen a Wëllstaude fir Lëtzebuerg
aus zertifizéiertem regionalem Ubau


Heu-börse hee.lu
Hier geht's zur Heubörse
Die Heubörse für Luxemburg
Finden Sie das perfekte Heu für Ihre Tiere und unterstützen Sie regionale Landwirte!
SICONA Naturschutzsyndikat
Diese Projekte werden durch das Naturschutzsyndikat SICONA mit der finanziellen Unterstützung des Ministeriums für Umwelt, Klima und Biodiversität betreut.
Zesummen aarteräicht Grénglan erhalen
LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat et de la Biodiversité


Arrêt
"Festsall"
Le prochain départ ?
Scannez le code QR !
11:47
mobilitéit.lu
Mamer
Holzem, Festsall
Quai 1
Prochains départs
mar, 09.06.2026
11:47 Bus 821 → Clemency, Schock
+2
12:47 Bus 821 → Clemency, Schock
+0
13:05 Bus D24 → Clemency, Schock
+0
LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics
Administration des transports publics



POLICE LËTZEBUERG

All d'Reegele ronderëm d'E-Trottinett fënns du hei

D'LIGNE BLEUE

vun der Police.

Är Froe sinn eis wichteg.
Vos questions comptent pour nous.
Your questions matter to us.



POLICE LËTZEBUERG

113 NOUTRUFF

LIGNE BLEUE POLICE


J'ai perdu mes clés. Quelqu'un les a déposées chez vous ?
Dat ass awer eng komesch E-Mail, wat soll ech dann elo maachen?
De Pol ass elo 9 Joer al. Brauch hien nach eng Sëtzerhéijung?
Our neighbour just installed a camera in his garden. Is that even legal?

STROUMAUSFALL, IWWERSCHWEMMUNGEN, CYBERATTACKEN ...

LIES DE GUIDE A BEREET DECH VIR!

LËTZ PREPARE !
STRATÉGIE NATIONALE DE RÉSILIENCE



Eng Kris kann een net ëmmer virausgesinn.
Sief prett fir **72 Stonnen Autonomie:**

- ☑ Notz de Guide „Lëtz Prepare“
- ☑ Stell däi Preparatiouns-Kit fir de Krisefall zesummen
- ☑ Preparéier däi perséinlechen Noutfallplang

letzprepare.lu

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

De Centre d'Incendie et de Secours
Biekerech invitéiert lech:

GRATIS FORMATIOUN

ÉISCHT HËLLEF



Aschreiwung an Informatiounen
cours.cgdis.lu

CORPS GRAND-DUCAL
INCENDIE & SECOURS



D'FORMATIOUN VU 16 STONNE GËTT OP **LËTZEBUERGESCH** GEHALEN A BEINHALT THEORETESCH A PRAKTESCH COURS'EN.

FIR ENG **ATTESTATIOUN VUM ÉISCHT HËLLEFS COURS** ZE KRÉIEN GËTT D'PRÄSENZ AN ENG AKTIV BEDEELEGUNG AN ALL COURS GEFUERDERT.



GRATIS FORTBILDUNG

Obligatoresch Aschreiwung
ob der Säit **cours.cgdis.lu**
Spéidestens 48 Stonnen virum éischte Cours



BEHANDELT SUJET'EN

> **Accidenter a Wonnen**;
> Verbrennungen a **Verbänn**;
> Bluddungen a **Frakturen**;
> Bewosstlosegkeet a **stabil Säitelag**;
> Otmung a **Reanimation**;
> **Häerz, Defibrillateur** (DSA) a Kannerreanimatioun;
> **Ausdoe vun engem** Motorradshelm;
> ...



De Centre d'Incendie et de Secours
Biekerech invitéiert lech:

GRATIS FORMATIOUN

ÉISCHT HËLLEF



Aschreiwung an Informatiounen
cours.cgdis.lu

CORPS GRAND-DUCAL
INCENDIE & SECOURS

Par ATERTDALL Sainte-CLAIRE

CENTRE PAROISSIAL: 40, Grand'rue L-8510 Redange-Attert
Site: https://cathol.lu/atertdall

ÉQUIPE PASTORALE:
Père Jean-Jacques FLAMMANG SCJ, curé-doyen Tél: 661 746 852 jjf@scj.lu
Père Antoine DO, vicaire T : +33 695 24 33 19 Mail : antoine.do@cathol.lu
Père Jacques BAGNOUD, subsidiaire Mail : jacques.bagnoud@cathol.lu
Père Vincent BILLOT, subsidiaire Mail : vincent.billot@cathol.lu

SECRÉTARIAT & COMMANDE MESSES Tél: 23 62 10 53 / atertdall@cathol.lu Michèle ASSERAY, secrétaire
KRANKEN- & ALTENPASTORAL Tél. 23 62 07 20 / 621 618 855 Marie Claire RASQUÉ
NOUT-TELEFON BEGRIEFNISPASTORAL / EQUIPE DE FUNÉRAILLES - URGENCES Tél. 621 686 102

Massen a Feierlichkeeten:

Sonndig, den 22. November um 10.45 Auer zu BIEKERICH: Houmass & Fest vun der Hl. Caecilia

De Masseprogramm fannt Dir an eisem Parbréif oder um Internet https://web.cathol.lu/article8890

Mëttwoch, den 25. November ab 15.00 Auer zu Réiden an der Aula:
Kaffiskränzchen fir déi eeler Leit aus der Par, mat Gesellschaftsspiller a Sangen a mat enger flotter Tombola. *Org.: Kranken- an Altenpastoral & ACFL*



Adventszäit



Fir den Advent, bastele **d'Fraen a Mammen Par Atertdall Sainte-Claire** Adventskränz (40-45 €) an Arrangementer (ab 20 €). Leit, déi wëllen hëllefen sin häerzlech wëllkom. Dir kënnt äeren Adventskranz / Arrangement op Wonsch bestellen beim Marie Claire Tel: 23 62 07 20 oder GSM: 621 618 855 oder Email: mrasque@hotmail.com

Dir kënnt äer Bestellung siche kommen, mir hunn och eng kleng Ausstellung oder Dir kritt se op Wonsch Heem geliwwert. Mir ënnerstëtzen de " **Village espérance – Clairefontaine** " an all **Don** ass häerzlech wëllkomm. **CCPLLULL LU07 1111 0137 5982 0000** vun *Heimat und Mission* mam Vermierk: " **Village espérance** ".

Comme chaque année, l'équipe de la Paroisse Atertdall préparent des couronnes de l'Avent et de la décoration pour Noël. Vous êtes les bienvenu(e)s pour y participer. Pour les commandes veuillez vous adresser à Marie Claire tél : 23 62 07 20 / 621 618 855
Mail: mrasque@hotmail.com Vous pouvez venir chercher votre commande – nous avons une petite exposition, ou sur demande, nous vous livrons votre commande à la maison. La recette de la vente est au profit du ***«Village espérance – Clairefontaine »*** *Pour faire un don:* **CCPLLULL LU07 1111 0137 5982 0000** (Heimat und Mission) *avec le libellé: « village espérance »*

JOURNÉE DES JEUNES

le 14 novembre 2026 de 10h30 à 15h30 – église à Lorentzweiler
Organisateur: Pastorale des jeunes – LuxYouth

Afin de lancer officiellement les Journées Mondiales de la Jeunesse dans notre diocèse, nous avons la joie de vous inviter à une «Journée des Jeunes». Cette journée sera l'occasion de présenter les deux semaines que nous vivrons ensemble en Asie et de répondre aux questions que vous, les jeunes, pourriez vous poser. Nous souhaitons pouvoir vous rencontrer, vous qui envisagez de partir avec nous et ceux qui hésitent encore ou qui souhaitent simplement en savoir davantage avant de se décider.
Kontakt: luxyouth@cathol.lu URL : http://www.luxyouth.lu

Alan Johnston , artiste-naturaliste, parcourt les campagnes avec son carnet de croquis, ses crayons et ses aquarelles. Il dessine directement sur le terrain , sur le vif. Pendant l'été 2026, Il a parcouru le Luxembourg, et plus précisément, les Ardennes Luxembourgeoise dans la région de l'Eislek. Dans cette exposition, vous pourrez voir les croquis réalisés, reprenant des paysages, des fleurs et des insectes typiques de la région.

ALAN **JOHNSTON**

Ici et ailleurs





Esquisses études et aquarelles

Exposition du 15 novembre au 6 décembre 2026

Vernissage le samedi 14 novembre à 18h
du jeudi au dimanche de 14h à 18h et sur rendez-vous

Moulin de Beckerich
103, Huewelerstrooss L-8521 Beckerich Tél. : +352 621 25 29 79
www.kulturmillen.lu

millegalerie

GEMENG BIEKERECH

BALADES CONCERTS EXPOSITIONS CONFERENCE MARCHÉS & SALONS SPECTACLES THÉÂTRE

« 1.000 km um Jakobswee »

eng Konferenz vum Edy Graf



05/11

19h30
Sall Scheier

Aschreiwungen obligatoresch

Entrée : gratis

Info :
info@kulturmillen.lu
www.kulturmillen.lu
+352 691 510 371

Op dësem Owend deelt hien seng Erfarunge mat iech an hellt iech mat duerch déi eenzel Etappe mat ville Fotoen a beäntwert iech alles wat der schonn ëmmer iwwer dëse Pilgerwee wesse wollt.

GEMENG BIEKERECH

Biekerecher Millen: 103 Huewelerstrooss
L-8521 Biekerech

Kulturmillen
Am Geescht vun der Zäit

BALADES CONCERTS EXPOSITIONS **CONFERENCE** MARCHÉS & SALONS SPECTACLES THÉÂTRE

« Les jardins du Moyen Age : entre utilité et symbolisme »

Conférence d'Isabelle Bernard-Lesceux



12/11

19h30
Salle Scheier

Inscription souhaitable

Entrée : Gratuite

Info :
info@kulturmillen.lu
www.kulturmillen.lu
+352 691 510 371

Il ne reste plus aujourd'hui aucun jardin médiéval d'époque. Heureusement, des sources, nombreuses et très variées, nous donneront des clefs pour ouvrir les portes de ces lieux passionnants.

GEMENG BIEKERECH

Kulturmillen
Am Geescht vun der Zäit

Biekerecher Millen: 103 Huewelerstrooss
L-8521 Biekerech


FC BIEKERECH
SÄIT 1964
SCHWEECHERAULER MUSIK
Kiermes
am Schweecherdaul
Samsdes, 7. November 2026
9h30 - 17h00
Hämmelsmarsch vun der Schweecherdauler Musik
mat Arrivée um Fussballsterrain
17h00
Kiermesmatch
Biekerech vs Schweecherdaul
ab 18h30
Afterparty am Clubhouse
um Terrain
Hameschmier 5 Euro
Hamelotto
Tombola
KIRSCH
LE BOUCHER

KIERMES
am SCHWEECHERDAUL



RD-VS:
09:30
Schweech „An der Hoh“
ODER
13:00
Ielwen, Centre Culturel

MUERES
Schweech
& Ielwen
(ab 09:30)

NOMËTTES
Huewel
(ab 13:00)

SA.7.11
HÄMMELSMARSCH
2026

De Weekend vum 7./8. November ass Kiermes am Schweecherdaul.

Wéi all Joer, geet d‘Musik mam **Hämmelsmarsch** duerch d‘Duerf, an dat **samschdes, de 7. November**!

Mir gi moies géint 9:30 Auer zu Schweech „An der Hoh“ fort a maachen dann den Tour duerch di 3 Dierfer.
Arrivée um Fussballsterrain fir ee spannende Kiermesmatch - Derby!

All Kand wat en Instrument spillt ass Wëllkomm fir eis musikalisch ze ënnerstëtzen! Kontakt: 691 352 047

Mir wënschen lech elo schonn eng schéi Kiermes!

Falls Dir deen Dag nit do sidd an eis awer mat engem Don wëllt ënnerstëtzen, kënnt Dir dëst mat engem **Wero (payconic)** oder per regulär Iwwerweisung op eis **Kontosnummer CCRA LU97 0090 0000 0995 8604** maachen.
Villmools MERCI am Viraus!


THEATER 2026
WOU, DER DÄIWEL, ASS DEN HIMMEL?
FR 20.11.
SA 21.11.
SO 22.11.
PHILIPPE KRAUS
FREDERIC, GENANNT FREDDIE, SCHRÄINER
MARIE-MARTHE RISCH
DANTIZIA, GENANNT DANTI SCHRÄINER
ANNICK FASSBINDER
LEOPOLDA OPDERHEID-MISCHELJEEËR
SOPHIE BISSEN
MARIE HUANA
MARTINE KRIER
EVA WELLSTE-STRAIT
ROMAIN HOFFMANN
DR VALENTIN DELAJOUSSELINIERE
MARTINE KNAUF
ME CASSANDRA BUNDYE DE NOIRMONT
BEN BIRKEL
LUCIFER (GENANNT LOUIS CAIFER)
DAMIEN BRAUCH
ÄERZENGEL RAZIEL
MAYA ZIMMER
ENGEL RAGUEL
EMMA LAGODA
ENGEL URIELA
ENG KOMEDI ÄN 3 AKTEN.
NOM ORIGINAL
„WO ZUR HÖLLE GEHT'S ZUM HIMMEL?"
VUM ANDREAS WENING.
AN D'LËTZEBUERGESCHT
IWWERSAT AN ADAPTÉIERT
VUM JEAN-CLAUDE MAJERUS.
FR|SA: Rido 20:00 | SO: Rido 17:00
RESERVATIOUN:
SMS: 621 17 34 29 oder
www.schweecherdaulermusik.lu
Centre Culturel
Ielwen
(Biekerech)
ENTRÉE
12/7€
Ben BIRKEL – Regie
Eva FOL – Pèsperkëscht
Ander SCHERER – Bühn
Anne SCHNEIDER – Maquillage
Guy WAGNER – Technik

ALADES CONCERTS EXPOSITIONS **CONFERENCE** MARCHÉS & SALONS SPECTACLE

CONFERENCE

30 ans Britpop



27/11/2026

20H00
SALLE SCHEIER
ENTRÉE : 15€
INFO@KULTURMILLEN.LU
WWW.KULTURMILLEN.LU

LA CONFÉRENCE PROPOSE UN VOYAGE À TRAVERS CETTE ANNÉE-LÀ, DE BLUR, PULP, THE VERVE ET RICHARD ASHCROFT AUX MANIC STREET PREACHERS ET À ELASTICA, MAIS AUSSI À TRAVERS LEURS INFLUENCES DES ANNÉES 60, 70 ET 80 ET LES GROUPES QU'ILS ONT INSPIRÉS (COLDPLAY, ARCTIC MONKEYS, KAISER CHIEFS).

Kulturmillen
Am Geescht vun der Zäit

GEMENG BIEKERECH

KULTUR PASS


WANTER OP DER MILLEN
20. NOVEMBER 2026
16H30 - 24H00
ZU BIEKERECH OP DER MILLEN
INFOS:
Kulturmillen
Am Geescht vun der Zäit
GEMENG
BIEKERECH

BALADES SPECTACLES CONFÉRENCES EXPOSITIONS MARCHÉS & SALONS **CONCERT** THÉÂTRE

CONCERT DU DUO

KIASMA

Frin Wolter & Pierre Fontenelle



13/11

20h00
Salle Scheier

Inscription obligatoire
Entrée: 25€

Info :
info@kulturmillen.lu
www.kulturmillen.lu

kULTUR PASS

Présentation de « Polaris », 1er album du duo Kiasma

GEMENG BIEKERECH

Biekerecher Millen: 103 Huewelerstrooss
L-8521 Biekerech

Kulturmillen
Am Geescht vun der Zäit

D'Chorale VOICE EMOTION invitéiert ♡lechst op hire

FRÄIEN ENTRÉE

CHRËSCHTCONCERT

Mëttwochs, de 16.12.2026

an der Biekerecher Kierch

GLÜHWÄIN

Direktioun:
Madeline BOONEN

Um Piano:
Marc BAULER

20 AUER

STOLLEN



Free Seating – ouni Reservatioun – Come in and enjoy!

VOICE EMOTION


PIZZA
AFTERWORK
02/12/2026 | ME 18:00
LU- EN AFTERWORK, DEE MOL ANESCHT!
E PIZZAOWEND AM HÄERZ VUN DER MILLEN
D'KULTURMILLEN ASBL INVITÉIERT IECH AN DE
GEWËLLBTE KELLER VUM ENERGIEMUSÉE,
FIR LECKER PIZZAS, DÉI AM ALE BAKUEWE
VUN DER MILLEN GEBAK GINN.
EN AUSSERGEWËINLECHE KADER, ENG GEMITTLECH
ATMOSPHÄR AN ENG EENZEGAARTEG ERFARUNG!
FR- UN AFTERWORK PAS COMME LES AUTRES !
UNE SOIRÉE PIZZA AU CŒUR DE L'HISTOIRE DU MOULIN
L'ASBL KULTURMILLEN VOUS INVITE À DÉCOUVRIR
LA CAVE VOÛTÉE DU MUSÉE DES ÉNERGIES,
AUTOUR DE DÉLICIEUSES PIZZAS CUITES
DANS L'ANCIEN FOUR DU MOULIN.
UN CADRE INSOLITE, UNE AMBIANCE CONVIVIALE
ET UNE EXPÉRIENCE UNIQUE !
FORFAIT : 25€/PERSONNE
(COMPRENANT PIZZA ET BOISSONS)
FIR GRUPPEN, BETRIBER AN
ASSOCIATIOUNEN (MAX. 20 PERS.)
POUR LES GROUPES, LES ENTREPRISES
ET ASSOCIATIONS (MAX. 20 PERS.)
INFOS: INFO@KULTURMILLEN.LU
TEL: +352 691 510 370
103, HUEWELERSTROOSS, L-8521 BECKERICH
ENERGIE MUSÉE

MANIFESTATIOUNSKALENNER

NOVEMBER 2026

01.11.2026 • 09h30
Allerhellgen: Houmass & Griewerseenung
Biekerech

01.11.2026 • 11h30
Allerhellgen: Griewerseenung
Uewerpallen

01.11.2026 • 15h00
Allerhellgen: Griewerseenung
Näerden

05.11.2026 • 19h30
« 1.000 km um Jakobswee » eng Konferenz vum Edy Graf
Kulturmillen
Millescheier

05.11.2026 • 14h30
Kaffiskränzchen
Kommissioun fir interkulturellt Zesummeliewen
Millespënnchen

07.11.2026
Kiermes am Schweecherdaul
FC Biekerech, Schweecherdauler Musik
Schweecherdaul

12.11.2026 • 19h30
« Les jardins du Moyen Age: entre utilité et symbolisme » conférence d'Isabelle Bernard-Lesceux
Kulturmillen
Millescheier

13.11.2026 • 20h00
Concert du duo: KIASMA
Kulturmillen
Millescheier

14.11.2026 • 18h00
Vernissage de l'exposition d'Alan Johnston: Ici et ailleurs
Millegalerie
Biekerecher Millen

20.11.2026 • 16h30 - 24h00
Wanter op der Millen
Kulturmillen
Biekerecher Millen

27.11.2026 • 20h00
Conférence: 30 ans Britpop
Kulturmillen
Millescheier

20.+21+22.11.2026 •
Theater: Wou, der Däiwel, ass den Himmel?
Schweecherdauler Musik
Centre culturel Ielwen

GEMENG
BIEKERECH

ADMINISTRATION COMMUNALE DE BECKERICH

6, Dikrecherstrooss • L-8523 Beckerich
Tél. : 26 669-100 • E-mail : info@beckerich.lu
www.beckerich.lu

Les bureaux sont ouverts :
lundi - vendredi de 08h30 à 12h00 et mercredi de 14h15 à 17h45

